N°4177
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Wéi een RTL.LU-Artikel beriicht, sinn tëscht 2024 an 2025, no enger Statistik vum Europarot, d'Zuele vu Prisonéier zu Lëtzebuerg ëm 20 Prozent geklommen. Wann een d'Zuelen am Staatsbudget zënter 2020 kuckt, da kann een och gesinn, dass d'Käschten fir de Finanzement vun de Prisongen sech an de leschte Joren méi wéi verduebelt hunn (vu 65 Milliounen op 140 Milliounen Euro).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéi hu sech d'Käschte pro Prisonéier hei am Land vun 2020 bis haut entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés